



AUGUST 2012 N° 31



FËSCHBER  
GEMENGEBLAT

**Layout:** Ren Spautz

**Redaktioun:** Dany Hermes, Andrea Wagner, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

**Mataarbechter:** Patrick Delmarque, Olivier Molitor, Chantal Fohl, Simone Majerus, Paul Provost, Tina Lehnén, Marie-Louise Haas-Erpelding, Luss Brosius, Serge Hoffmann, Erica Kohn-Loes, Marie-Anne Kauffmann.

**Drock:**

Faber-Print-services & solutions, Miersch

**Seite 1:** Op der Schmëtt, Foto am Mée 2012

**Seite 2:** Virwuert

**Seite 3:** Bazar & Klibberkanner

**Seite 4:** 50 Joer CTF-Fëschbech

**Seite 5:** 50 Joer CTF-Fëschbech

**Seite 6:** Heckeplanzen-Olivier Molitor

**Seite 7:** Gemengerotssëtzung, 17. Abrëll 2012

**Seite 8:** Kannerfloumaart

**Seite 9:** Meekranz

**Seite 10:** Bastelconcours „Fielser Musek“

**Seite 11:** Oldie Party

**Seite 12:** Psychomotricité, Tina Lehnén

**Seite 13:** Éischt Kommuniounsfeier 2012

**Seite 14:** Flantermaus

**Seite 15:** Flantermaus

**Seite 16:** Neues Logo Elterevereenegung

**Seite 17:** Senioreveräin & Mammendag

**Seite 18:** Tour de Luxembourg am Bild

**Seite 19:** Gemengerotssëtzung, 24. Mée 2012

**Seite 20:** Commissions consultatives

**Seite 21:** Commissions consultatives

**Seite 22:** Hobby-Säit

**Seite 23:** Hobby-Säit

**Seite 24:** Al Bëscher, nei Beem

**Seite 25:** Jugenddiskussiounsowend

**Seite 26:** Feierfest 2012

**Seite 27:** Nationalfeierdag

**Seite 28:** Rock op der Héicht

**Seite 29:** Rock op der Héicht

**Seite 30:** Gemengesëtzung 11. Mée 2012

**Seite 31:** Floriade

**Seite 32:** Schoulfest

**Seite 33:** Schoulfest

**Seite 34:** Schoulfest

**Seite 35:** 10 Joer Danzgrupp

**Seite 36:** Gemengesëtzung, 17. Juli 2012

**Seite 37:** Tom Altmann-Skulptur

**Seite 38:** Rallye & Randonnée

**Seite 39:** Rallye & Randonnée

**Seite 40:** Computerkurse

**Redaktiounsschluss Blat 32:** 01.12.2012

## VIRWUERT

Léif Biergerinnen a Bierger

Mir si matzen an der Vakanzenzäit. Vill vun eis ware schonns fort, anerer hunn dat nach virun sech. Et ass wichteg, dass ee regelméisseg am Joer ausspaant a rascht, eppes ganz anesches mécht oder einfach nëmme probéiert, d'Rou ze genéisen.



Dofir muss een och net onbedéngt an d'Ausland reesen. Mam Summerwieder ware mir leider dëst Joer net all ze vill verwinnt, mä et ka jo nach e gudden Hierscht ginn.

Jiddereen huet op e puer Sonnestrale gegammst an Enn Juli hu mir eis no zwee verreente Summerméint direkt vill besser gefillt.

Eng kleng Katastroph huet de Summerufank fir déi Bierger bedeit, deenen hiert Broutverdénge direkt oder indirekt duerch d'Wieder beaflosst gëtt, wéi d'Bauern an d'Wënzer, fir nëmme déi ze nennen.

Munch Aarbechte bleiwen elo leien a waarden drop, bis et am Hierscht erëm lass geet.

Och eise Gemengenaarbechter Laurent Degraux muss gezwongenermoossen eng länger Paus maachen. Mir wënschen him vun hei aus dat Allerbescht a si frou, wann hien erëm bei eis schaffe kann.

Ab September ginn eis Schoulkanner op Birkelt an eis nei gebaute regional Piscine schwammen.

D'Kiercheplaz zu Angelsbiërg gëtt elo fäerdeg amenagéiert, an am Hierscht geet de Parking mat dem Ënnerstand zu Fëschbech an di lescht Bauphas.

Di gréissten Erausforderung fir dëst Joer ass a bleift awer d'Faasse vun der Drénkwaasserquell am Laangegronn.

Den 2. Oktober ass um 20:00 am Veräinshaus zu Schous en Informatiounsowend, wou Dir dës Aarbechten, souwéi déi vum Kanalnetz duergeluecht an explizéiert kritt.

Ech wënschen lech nach e puer flott an erhuelsam Vakanzewochen a vill Freed a Begeeschterung fir d'Rentrée. Bis geschwënn

Marianne Brosius-Kolber





# Bazar Fraen a Mammen

**W**éi scho säit e puer Joer haten d'Fraen a Mammen aus eiser Gemeng och dëst Joer op hire Bazar op Ellesonndeg invitéiert.

Während de Wanterméint hu si all dënschdes owes zesumme gebitzt an haten dofir och erëm vill flott Saachen unzebidden.

Natierlech haten si och gebak an dat huet de Leit gutt geschmaacht.

Ganz vill war owes net méi anzepaken an doriwwer waren d'Organisatricë ganz frou.



3

# Klibberkanner



**G**réngendonneschdeg Owend hu sech d'Angsber Kanner bei der Kierch getraff fir klibberen ze goen.

Si hunn domadder d'Klacken, déi der Iwwerliwwerung no op Roum beichte sinn, bis Ouschteren ersat. Moies fréi, mëttes an owes hunn déi Jonk hiren Déngscht opgeholl an hunn d'Leit mat hiren traditionellen Instrumenter un d'Moies-, d'Mëttes- an d'Owesklack respektiv un déi verschidde Gottesdéngschter um Triduum pascal erënnert.

Ouschtersamschdeg gouf et dunn eng Belounung. Mam gutt bekannte Lidd: „Dik Dik dak muer ass Ouschterdag“ sinn se bei d'Awunner schellen gaangen fir Ouschteree-

ër, Schneekegkeeten an eppes Klenges fir d'Spuerkëscht anzesammlen.

E grouse Merci de Responsablen, déi sech ëm d'Organisation an déi méi kleng Klibberkanner gekëmmert hunn.



Fëschber Gemeindeblatt

# 50 Joer CTF

## Gemeng Fëschbech



4

**D**en 10. Mäerz 2012 huet de Gaart an Heem Gemeng Fëschbech säi 50. Gebuertsdag gefeiert.

D'Festlechkeeten hu mat enger Mass, gehale vum Här Romain Richer, zu Fëschbech an der Kierch ugefaang. Duerno huet d'Gemeng eis den Éierewäin am Veräinshaus op der Héicht offréiert, ier mir eis 50. Generalversammlung hatten.

Als éischte Festriedner huet den Här Kieffer, President vun der Ligue, e puer ganz interessant Wierder un ons geriicht. Och d'Madame Buergermeeschter, Marianne Brosius-Kolber, hat sech eng ganz speziell Usprooch afale gelooss. Zu all Buschtaf vun "Gaart an Heem", huet si eppes ze ziele gewosst. D'Christiane Kirtz-Ewen, Presidentin vum Gaart an Heem Gemeng Fëschbech, huet e puer Wuert iwwert d'Veräinsgeschicht gesot, déi vum Här Charel Thilgen mat vill Léift an Engagement nogesicht ginn ass.

Och d'Madame Scheitler an den Här Feiereisen ware bei onsen Éieregäscht dobäi. Als Verantwortlech vum Concours "Villages fleuris" ginn si och dëst

Joer erëm vun ons duerch Dierfer aus der Gemeng gefouert, fir de schéinste Gaart, Balcon, Fensterbänk...an ...an... ze priméieren.

D'Gewënner vum Concours "Villages Fleuris 2011" sinn no dëse Festlechkeete mat engem schéine Präis belount ginn.

An dat sinn:

**Fam. Baustert-Weber**

**Fam. Weis-Simon**

**Fam. Royer-Elcheroth**

**Fam. Lepinois-Simon**

**Fam. Schumann-Klein**

**Fam. Simon-Petry**

**Fam. Miny-Peters**

**Fam. Kohn-Loes**

**Fam. Vaessen Claude**

**Fam. Miny-Gouber**

**Fam. Grun-Paulus**

**Fam. Elvinger-Bernard**

**Fam. Felten-Siegel**



Fëschber Gemeindeblatt



E flotten Owend mat engem gudden lessen huet eise Gebuertsdag ofgeschloss.

E puer Wuert zu deene 50 Joer Veräinsgeschicht. De 25. Mäerz 1962 war d'Grënnungsversammlung vum Gaart an Heem Sektoun Fëschbech-Schous. Den Här Marcel Koedinger ass President ginn, den Här Michel Weis war Sekretär an den Här Jean-Pierre Langers war de Keessier. Membere waren d'Mme Schmartz-Gansen an d'Mme Turmes-Goedert, souwéi d'Häre Bidinger a Petges.

An der Generalversammlung vun 1969 ass du beschloss ginn, fir och Membere vun Angsbreg opzehuelen. Zënter 1988 ass eis offiziell Bezeechnung „CTF – Gemeng Fëschbech“.

D'ëi ganz Geschicht vum Veräin kënnt Dir op eise Internet Site [www.gaart-an-heem-feschbech.lu](http://www.gaart-an-heem-feschbech.lu) noliesen. A wann lech beim Liesen eppes opfält, wat feelt awer onbedéngt dragehéiert, da sot eis dat w.e.g., da kënne mir dat vervollstännegen.

Eis aktuell Aktivitéite sinn am Juni d'Mammendagsfeier, zesumme mat dem Senioreveräin. Eng Feier, wou mir ëmmer d'Geleeënheet ergräifen, fir eise Mammen e Kaddo z'offréieren, dee vu verschidde- ne kreative Leit aus eiser Gemeng gemaach gëtt. Mir maachen och all Joer eng Dagesrees zesumme mat der Chorale St Grégoire vu Fëschbech. An dann am November, eist grousst Schluechtfest, op dat mir lech elo schonn alleguer alueden.

Nei ass dëst Joer, dass mir am Hierscht Beem planze ginn, fir déi Neigebueren aus eiser Gemeng.



# 2000 Heckeplanzen fir Fëschbech



6

**D**en 3. Abrëll 2012 hu mer eis scho bal traditionell Planzaktioun mat einheemeschen Hecke gestart. Bei der Fëschbecher „Seitert“ an de Gemengewisen hu mir nees 1000 einheemesch Hecke geplantz. Do dernieft sinn och nees 10 Héichstämmbeem geplantz ginn (Käschtebeem, Birebeem an Äppelbeem).

Leider woren immens vill Planze vun deene leschten 2 Joer futti gaangen (haaptsächlech verdréchent), an duerfir hu mer do nach 1000 Heckeplanzen ersat.

Well d’Kanner aus der Maison Relais vun Aangelsbiërg leider kuerzfristeg hu missten ofsoen, ass déi ganz Planzaktioun ouni hir tatkräfteg Ënnerstëtzung duerchgefuert ginn.

Fir de Risiko vum Verdrénken ze minimiséieren, hu mer d’Planzen dës Kéier emol direkt gutt genetzt...!



Fëschber Gemeindeblatt



## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 17 avril 2012

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit, Spautz.

- 1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 20 décembre 2012.
- 2) Est décidé de modifier la tâche d'occupation du poste de l'ingénieur-technicien auprès de la commune de Fischbach de 50% à 100% avec effet au 01/09/2013 et de nommer Monsieur Romain Beckers au poste d'ingénieur-technicien à tâche complète en augmentant son degré d'occupation de 50% à 100 % avec effet au 01/09/2013 (à l'unanimité).
- 3) Est décidé de nommer Madame Isabel DOS SANTOS (matricule 1973 01 23 526), demeurant 4, rue de l'Ecole à Schoos comme membre suppléant de la commission communale d'intégration (à l'unanimité).
- 4) Sont approuvés les comptes administratifs et de gestion des exercices 2009 et 2010 de la commune de Fischbach (à l'unanimité).
- 5) Sont fixées les taxes de l'impôt foncier et commercial pour 2013 comme suit (à l'unanimité) :
  1. Impôt foncier A : propriétés agricoles et forestières : 320 %
  - B1 : Constructions industrielles et commerciales : 450 %
  - B2 : Constructions à usages mixte : 450 %
  - B3 : Constructions à autres usages : 450 %
  - B4 : Maisons unifamiliales, maisons de rapport : 165 %
  - B5 : Immeubles non bâtis autres que les terrains 500 % à bâtir à des fins d'habitation
  - B6 : Terrains à bâtir à des fins d'habitations 600 %
  2. Impôt commercial => 300% (à l'unanimité).
- 6) Est reportée la décision sur l'allocation de cadeaux (à cinq voix contre deux).
- 7) Est approuvé un règlement interne relatif à la procédure d'attribution d'une case au columbarium du cimetière de Fischbach (à l'unanimité).
- 8) Est approuvée la convention de l'Office social commun pour 2012 (à l'unanimité).
- 9) Sont adaptées les redevances suivantes avec effet au 1er janvier 2012 (à l'unanimité):

Enlèvement des déchets encombrants par m<sup>3</sup> 50,00 EUR/m<sup>3</sup>

Dispense pour les ménages ou immeubles normalement desservis 84,00 EUR

Fourniture, enlèvement et compactage sac en plastique 3,57 EUR/sac
- 10) Est approuvée la convention du 17 avril 2012 entre la commune de Fischbach et la société BAUMEISTER-HAUS PROPERTIES S.A. concernant la réalisation d'un PAP au lieu-dit « Um Bour » à Schoos et prévoyant la construction de 18 maisons unifamiliales (à l'unanimité).
- 11) Est approuvé le contrat de bail à loyer avec Madame Albertine Lehnen, demeurant à Angelsberg, concernant la location de la salle du préau au sous-sol de la maison communale à Fischbach (à l'unanimité).
- 12) Est décidé d'aménager un système modulaire derrière le bâtiment de l'école et d'y installer une salle de bricolage ainsi qu'une salle polyvalente et d'approuver le devis au montant de 217.391,30 EUR HTVA (à cinq voix contre deux).
- 13) Est décidé de prendre en charge les frais d'actes médicaux résultant de la stérilisation/castration de chats abandonnés ou perdus sur le territoire de la commune de Fischbach (à l'unanimité).
- 14) Est approuvée la convention avec la « Landakademie » relative à la collaboration en vue de la promotion de la vie en milieu rural
- 15) Divers.
  - a) Eau à Meysembourg
  - b) Fairtrade
  - c) Signature des délibérations de la séance du 20 décembre 2011.



# Kannerfloumaart

APEF a.s.b.l.

In diesem Frühjahr organisierte die Elternvereinigung APEF a.s.b.l. ihren 2. Flohmarkt. Dieses Jahr mit dem Schwerpunkt „Alles rund um das Fahrrad“. Mit 46 Verkaufsständen war unser Vereinshaus gut ausgebucht und es konnten einige Schnäppchen ergattert werden. Bei Pfannkuchen und Getränken gab es so manche interessante Gespräche.

Am Ende des Tages spendeten viele Kinder ihre übriggebliebenen Spielsachen und Kleider an die Hilfsorganisation „Frënn vun Csòkakö-Hiefenech“ für Ungarn. Herzlichen Dank dafür!





# Éischte Mee

**D**'Wieder hat Erbaarme mat eis an esou hu mir eis zu Meesebuerg an der Seitert beim Pavillon getraff, fir eisen alljährleche Meekranz ze bannen. Mir, dat si Leit aus der Redaktiounsequipe ronderëm eist Gemeengeblat.

Fir d'alleréisch hu mir eis ee laangen dënnen Aascht gesicht, fir deen an engem Krees zesummenzebannen wou mir dann datt jonkt gréngt Laf dru festbannen. No enger gudder Stonn war et esou wäit, mir konnte voller Houfert eist Meeschterwierk un d'Dachgehölz vum Pavillon bannen.

Duerno ass et eng Stäerking mat Kaffi a Kuch ginn, éier mir eis ëm d'Mëttesstonn erëm op den Heemwee gemaach hunn.





# Spannung und Begeisterung pur

## Fielser Musek feiert 175 Jahre – Bastelconcours

Die Fielser Musek organisierte im Rahmen ihrer 175-Jahr-Feier einen Bastelconcours für die Schulen der umliegenden Gemeinden. Insgesamt 26 Klassen haben ihre Instrumente ausgestellt. Auch die Angsber Schoul hat mitgemacht und mit großer Begeisterung aus alten Gegenständen Musikinstrumente gebastelt. Sie wurden vom 6. bis 29. April 2012 in der Burg in Larochette ausgestellt und jeder konnte vor Ort, auf der Homepage der „Fielser Musek“ oder über Facebook pro Cycle für seinen Favoriten stimmen.

Die Kinder, die Lehrer und alle Eltern und Freunde fieberten die letzten Tage, Stunden und Minuten dem Ergebnis entgegen. Im Internet konnte man die Anzahl der Stimmen verfolgen und es gab verschiedene Kopf-an-Kopf-Rennen zwischen einzelnen Schulen. Die Spannung stieg, denn das Endergebnis wurde erst bei der Siegerehrung am 19. April 2012 auf der Burg bekanntgegeben und keiner wusste wie viele Stimmen vor Ort abgegeben wurden.

Riesig war die Begeisterung als die Sieger feststanden:

Cycle 1: Angsber Schoul, Catalina Baden, Francine Neumann, Garteninstrument, Cycle 4: Angsber Schoul, Lucie Mensen, Musikalesche Champignon

Im Cycle 3 kam die Angsber Schoul, Silvana Parisotto mit „I love music“ immerhin auf Platz 2. Gewinner ist Heffingen, Michèle Jongluth, Zugposaun

Der Gewinner vom Cycle 2 ist Larochette, Ana Ribeiro mit „Xilo-Floppi“.

Unsere Kinder aus dem Cycle 1 freuten sich über ihren Gewinn, den Besuch im Trifolion in Echternach und konnten sich das Theaterstück „Zwei kleine Märchen“ anschauen – gesponsert von der Gemeinde Fischbach.

Der Cycle 4 unserer Schule gewann einen Ausflug in den Hochseilgarten in Heischent – gesponsert von der „Klammschoul Heischent“.

Die Sieger vom Cycle 2 durften einen Tag im Parc Merveilleux in Bettembourg verbringen – gesponsert von der Gemeinde Heffingen und der Cycle 3 bekam Tickets für das Konzert „Dem Peer Gynt seng Erliednisser“ in der Philharmonie – gesponsert von der Gemeinde Larochette.

Alle drei Instrumente der „Angsber Schoul“ sind jetzt im Eingangsbereich der Schule zu bewundern.







# Oldie Party





**Tina Lehnen**  
RÉÉDUCATRICE EN PSYCHOMOTRICITÉ



De 5. Mee huet d'Tina Lehnen op d'Ouverture vu sengem neien Cabinet zu Fëschbech agelueden. Hat war un de Schafferot eru getrueden, ob si net eventuell Raimlechkeeten hätten fir him zur Verfügung ze stellen.

Séier ware Raim fonnt, nämlech déi fréier Bürosraum ënnert der Gemeng vun eisem Fieschter, déi net méi gebraucht gi sinn.

No viller Aarbecht wou d'Tina tatkräfteg vu senger Famill ënnerstëtzt ginn ass, war et dann esou wäit a vill geluede Gäscht konnte sech vun der neier Installatioun iwwerzeegen.

Hei stellt d'Tina seng Aarbecht kuerz vir : D'Psychomotricité ass eng Aart Prise en Charge, eng Aart a Weis d'Schwieregkeete vun de Leit ze « behandeln ». Et geet grondsätzlech drëms, dës Schwierigkeeten duerch den Asaz vum Kierper unzepaken an op déi Funktiounen ze wierken, déi am Alldag Problemer maachen. Dat speziell an der Psychomotricité ass, datt de Mënsch ëmmer an senger Globalitéit betruecht gëtt. Et gëtt e Bilan Psychomoteur gemaach an deem déi motoresch, raimlech an zäitlech Fähegkeet gekuckt ginn. Mee och wéi dee Mënsch säi Kierper kennt, e kann asetzen an wéi en sech an der Relatioun zu engem aneren erëmfënnt. Et gëtt och gekuckt, wéi seng Entwécklung war an wéi deejéinegen sech selwer gesäit. Esou kann een erausfannen, wou d'Stärkten an d'Schwächen vun engem sinn, wéi dës den Alldag beaflosst a wéi ee kann dorunner schaffen.

Zum Beispill schaffen ech oft mat Schwierigkeeten an der Motorik : d'Feinmotorik, d'Gläichgewiicht, d'Grobmotorik, d'Coördinatioun vun de Beweegungen,...

Am Géigesaz zu deem wat oft gemengt gëtt, beschränkt sech d'Psychomotricité awer net nëmmen op d'Motorik mä betrëfft och déi mental Funktiounen : de Verhalt, d'Konzentratioun, d'Opmierksamkeet, d'Logik, d'raimlecht an zäitlecht Denken,...

Och un den affektiven an emotionalen Funktiounen ka geschafft ginn, wéi zum Beispill : Verhalensopfällegkeeten, Aggressiounen, extrem Scheiheet, extrem Onrou, Hyperaktivitéit, Oppositioun, grouss Ängscht, net kapabel sinn ze spillen, kee Selbstbewosstsënn hunn, nervös Ticken, nervöst Tuddelen,...

Abegraff sinn hei natierlech och all d'Handicappen, sief et lo mental, motoresch oder sensoriel (visuellen Handicap, auditiven Handicap,...).

D'Psychomotricité riicht sech natierlech un jiddereen, op Kand oder Erwuessenen. Lo bleift nach Fro : « Wéi gëtt an der Psychomotricité geschafft ? »

Een/Eng Psychomotricien(ne) schafft vill mat pedagogeschem Material (Leeder, Bäll, Blocs Mousse, Hängematt, Bänken, Reefer,...) sief et fir Parcoursen ze bauen, gezielt Spiller zur Stärkung vun der jeeweileger Funktioun ze maachen oder Wahrnehmung ze stimuléieren. Et gëtt oft awer och einfach mam Kierper geschafft, Rollespiller gemaach, mat Musik oder eng Relaxatioun gemaach, je nodeem wat d'Zil vun der Prise en Charge ass.

**Kontakt: 1, rue de l'Eglise, L-7430 Fischbach / Tel: 691 248 249 / eMail: tina.lehnen@email.lu**





vu lénks no riets: Ségolène Van Oost, Joanne Rodesch, Ana Marisa Gomes Teixeira, André Costa Mota, Gilles Dinis, Conny Simon, Mathis Brust

# Éischt Kommionsfeier 2012

13

**SCHECKIWWERREECHUNG**, vu lénks no riets: Gilles Dinis, Joanne Rodesch, Ana Marisa Gomes Teixeira, Conny Simon, André Costa Mota, Mathis Brust.



Fëschber Gemeinde

# FLANTERMAIS


## VUM OLIVIER MOLITOR

**F**liedermas sinn heemlech Bëschbewunner, déi mer nëmme schwéier beobachte kënnen, well se nuets aktiv sinn. Weltwäit ginn et ëm déi 900 verschidden Aarten, dovunner liewen der ongeféier 40 an Europa.

Zu Lëtzebuerg ginn et 17 verschidde Fliedermasarten, déi domadder ongeféier ¼ vun alle Säugedéierenarten duerstellen, déi bei eis virkommen. Déi klengst vun hinnen, d'„Zwergfliedermaus“ gëtt grad emol 5 Gramm schwéier. Déi gréissten Aarten, d'„Große Mausohr“ an d'„Große Hufeisennase“, gi bis iwwer 30 Gramm schwéier, an hir Flilléken hunn eng Spanweit vu 40 cm.

Dës weideren ass ze bemerken, datt bannent deene leschten 2 Joer hei zu Lëtzebuerg 2 Aarten eng éischte Kéier nogewise gi sinn.

Déi verschidden Aarte kann een am beschten unhand vun hiren Oueren ënnerscheeden. Charakteristesche fir all Fliedermas ass och hirt spatzt Insektenfressergebëss, wat jee no Aart aus 32-38 Zänn besteet. Fliedermas gesi schwaarz-wäiss, verschidden Aarten och UV-Licht. Am Summer halen si sech gären op Späicheren, a Bamhielen, hanner Rollluedekëschen asw. op.





### Zwergfledermaus



An deene méi kale Regione gëtt et e Summer an e Wanterquartéier, well wéi bei eis hale si dann e Winterschlof. Duerfir sichen si sech Enn August e Wanterquartéier eraus, wou si a grouss Kolonien, dacks esouguer verschidden Aarte vermëscht, beienee sinn, a sech géigesäitig wieren. Déi gréisste bekannte Kolonie gëtt et an Texas an der „Bracken-Höhle“, wou ongeféier 20 Milliounen Déiere beienee liewen. Speziell Fettreserve suergen duerfir, datt si Enn März, wa si erwachen, nees déi néideg Kierpertemperatur erreechen, well déi wor am Wanter bis just knapp iwwert d'Ëmwelttemperatur erofgaang.

Déi meeschten Aarte bréngen nëmmen ee Jonkt zur Welt. Si kënnen ënnert optimale Konditiounen 20-30 Joer al ginn.

Fliedermais sinn hei zu Lëtzebuerg integral geschützt. Et ass laut Artikel 20 vum Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 verbueden souwuel d'Reproduktiounswéi och d'Wanterquartéier vun de Fliedermais ze stéieren oder souguer ze zerstéieren. Doriwwer eraus si s'iwwert e puer international Ofkomme geschützt: Habitatschutzdirektiven(92/43/CEE), Bonner Konvention (CMS/EUROBATS), Berner Konvention.

### GroussMausouer



Grouss Mausouer  
Skelett





# Ein neues Logo für die Elternvereinigung

## Preisüberreichung vom Malwettbewerb



Im Rahmen von „25 Jahre Elternvereinigung“ organisierte die APEF einen Malwettbewerb, bei dem die Schulkinder der Angsber Schoul Vorschläge für ein neues Logo einreichen sollten. Von 117 Kindern haben 81 ihre Ideen auf Papier gebracht. Die Jury, bestehend aus Jerry Kirtz, Linda Malget, Valérie Weis und Marc Kolber, hatte eine wirklich schwere Aufgabe. Sie wählten zunächst die für sie vier besten Bilder pro Cycle und jedes Kind erhielt bei der Preisüberreichung am 12. Mai 2012 im Vereinshaus ein Geschenk von Präsident Jean-Marie Pütz:

**Précoce:** Lee Brosius, Constance Cheron, Soraia Rodrigues, Gabriel Rios Ferraz

**Cycle 1:** Adriana Magalhais, Borian Tymi, Mathis Overdick, Anouk Pütz

**Cycle 2:** Cindy Fernandes, Thybo Schockmel, Gina Schaeffer, Laurie Pütz

**Cycle 3:** Conny Simon, Joanne Rodesch, Alexandra Van Oost, Tatiana Sampaio

**Cycle 4:** Anne Johann, Fabio Texeira Gomes, Chris Rodesch, Julien Brust

Das neue Logo der APEF wurde gemalt von Tatiana Sampaio. Herzlichen Glückwunsch!



Fëschber Gemeindeblatt





## Senioreveräin Gemeng Fëschbech Dagesfahrt op lechternach

**D**e 16. Mee 2012 huet eise Veräin sëng traditionell Dagesfahrt op lechternach gemaach. Moies hate mir eng Féierung mam Guide Alain Muller, deen eis "seng" Basilika virgestallt huet. lechternach ass jo bekannt duerch d'Sprangprëssessioun, mä mir sinn och aner intressant geschichtlech Detailer gewuer ginn.

Am Restaurant "L'Ernz Noire" hu mir e gudde Menu servéiert kritt. Nomëttes ware mir an der Diesbourgermillen zu Lauterbour. Hei huet eis Mme Carole Dieschbourg duerch "hir" Mille gefouert an huet eis d'Geschicht vun der Millen erzielt.

An der Kaffisréischtereie hu mir dann hire Kaffi probéiert an et ass och sou munches hei kaaft ginn. Domat war eise Programm um Enn a mir si mat 26 Memberen zefridden heemgefuert.

## Mammendagsfeier vun Senioreveräin a Gaart an Heem Gemeng Fëschbech

17

**D**en 3. Juni 2012 hatten eis zwee Veräiner aus der Gemeng hir traditionell Mammendagsfeier. All Mamm huet e flotte Cadeau kritt an zwar e Kéisécker aus Keramik.

Dës Feier gouf verschéinert duerch d'portugisesch Groupe "HOPE SOUND" ënner der Leedung vun der Mme Antunes vun Angelsbiérg. Bei Kaffi a Kuch hunn eis Memberen a Frënn e flotten Nomëtteg verbruecht.

Eisen nächste Mammendag feiere mir den 2. Juni 2013, en Datum, deen Dir lech elo scho sollt mierken.



# Škoda-Tour de Luxembourg

3. Juni 2012, Sonndegmëtten, 12 Auer 38. Et mengt een et wier een op enger Biergetapp beim Tour de France, um Tourmalet, 2115 m iwwert dem Mieresspigel.

Mä nee, mir stinn zu enger gutt 100 Leit um Bierengerbiert, Richtung Angelsbiert, 420 m iwwer dem Mieresspigel. D'Wolleken hänken um Biert, et reent ewéi mat Eemeren an dobäi bléist och nach ee schaarfe Westwand, mir waarden op d'Coureure vum Škoda-Tour de Luxembourg.

Si kämpfen sech am Schloreen de Glabecher erop, dräi virop, dunn de Peloton an zu lescht déi, déi méi mam Wieder ze kämpfen hunn, ewéi mam Glabecher.

An enger véierel Stonn, war fir eis alles eriwuer, fir d'Coureuren net, déi mussen nach bei dësem Wieder bis an d'Stad, do ass d'Arrivée.



**ŠKODA**TOUR  
DE LUXEMBOURG

**Schlussklassement:**

- |                   |                    |
|-------------------|--------------------|
| 1) Jacob Fuglsang | 9) Bob Jungels     |
| 2) Wouter Poels   | 17) Ben Gastauer   |
| 3) Fränk Schleck  | 54) Laurent Didier |



## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 24 mai 2012

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit, Spautz,

**Le conseil communal décide à l'unanimité de porter les points supplémentaires à l'ordre du jour :**

- 1. Démission du président de la commission culturelle et nomination d'un nouveau président.**
- 2. Introduction d'un forfait social sur l'eau potable.**

**1)** Le compte-rendu de la séance du 17 avril 2012 n'est pas approuvé, vu une erreur matérielle dans l'alinéa 6. L'erreur sera corrigée et le rapport pourra être soumis pour approbation lors d'une prochaine séance du conseil communal.

**2)** Est décidé d'acquérir une voiture pour le service forestier, ensemble avec la commune de Larochette, à raison de 50% de la dépense avec un maximum de 15.000,00 EUR et de voter un crédit supplémentaire au montant de 30.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire extraordinaire 4/1030/2231/001 – Acquisition d'une voiture pour le service forestier (à l'unanimité).

**3) A)** Est décidé d'allouer un cadeau d'une valeur de 65 EUR par année de service au membre du **conseil communal** de Fischbach à l'occasion de 20 ans de service, respectivement de la cessation des fonctions, auquel cas un minimum de 6 ans de service est cependant requis (à 5 voix contre 2).

**B)** Est décidé d'allouer un cadeau d'une valeur de 65 EUR par année de service au **personnel communal** de la Commune de Fischbach à l'occasion de 20 ans de service, respectivement du départ à la retraite, respectivement de la démission volontaire, auquel cas un minimum de 6 ans de service est cependant requis (à l'unanimité).

**4)** Est approuvé le contrat de travail à durée déterminée de Monsieur Alain Holzmacher (à l'unanimité).

**5)** Est décidé à l'unanimité de fixer la répartition du supplément de congé politique entre les conseillers communaux qui ont été désignés comme délégués dans les syndicats de communes, comme suit :

Six (6) heures pour le bourgmestre Madame Marianne Brosius-Kolber, domiciliée à Schoos, 5, rue de Rollingen.  
Trois (3) heures pour l'échevin Monsieur Marco Karier, domicilié à Angelsberg, 6, rue de Glabach.

**6)** Divers.

**7)** Le conseil communal décide :

a) d'accepter la démission de Madame Marie-Louise Haas-Erpelding du poste de présidente de la commission culturelle avec effet immédiat (à haute voix et à l'unanimité)

b) de nommer Monsieur Ren Spautz au poste de président de la commission culturelle avec effet immédiat (à haute voix et à l'unanimité).

**8)** Est rejetée la proposition de Monsieur Ren Spautz d'introduire un forfait de consommation gratuite de la consommation d'eau en faveur de ménages avec enfant(s) à charge avec l'argument que le montant des recettes budgétaires non encaissé par l'introduction d'un tel forfait devrait être répercuté sur les autres citoyens, ce qui apporterait une augmentation du prix de l'eau potable et de son assainissement (à 6 voix contre 1).



## Commission de l'Environnement et de la Qualité de Vie



**vu lénks no riets:** Weis Robert, Leick Jean, Jacobsen René,  
Weber Elisabeth, Daems Fränk, Kripler Yves, Damgé Guy

**Daems Fränk**, Präsident, 37 Joer, Angelsbiërg

**Damgé Guy**, 45 Joer, Angelsbiërg

**Jacobsen René**, 52 Joer, Schous

**Kripler Yves**, 46 Joer, Schous

**Leick Jean**, 62 Joer, Schous

**Weber Elisabeth**, 42 Joer, Angelsbiërg

**Weis Robert**, 32 Joer, Fëschbech

### **D'Kommissioun fir Ëmwelt a Liewensqualitéit stellt sech vir.**

Mir sinn eng faarweg zesummegeesaten Equipe, déi och duerch hir beruflech Alldaagsaarbecht zum Deel ganz vill mat der Natur an Ëmwelt ze dinn huet. Dëst kann eiser Aarbecht als Ëmweltkommissioun an eiser Gemeng nëmmen notzen !

Et ass wuel nach ze fréi, fir all déi Projeten opzel-ëschten, déi mir an den nächste 6 Joer wëlles hunn unzegoen an awer hunn sech an eisen éischten zwou Réunioune verschidde Sujeten (Drénkwaasser, Biotopkartéierung, erneierbar Energien, Kläranlag, etc.) als prioritaire erweisen.

Eis Ziler sinn un éischer Plaz, d'Gemeng Fëschbech a Saachen Ëmwelt, Natur a Liewensqualitéit ze beroden, je no Projet ze ennerstëtzen an esou vrun allem eiser Ëmwelt an eise Bierger en Dingscht ze leeschten.





## Commission de la Culture et de la Vie Associative



**Anne Pütz-Roth**

**Doris Becker**



**Hubert Lanckohr**

**Viviane Wolff**



**Ren Spautz**



**Marco Karier**

**Marie-Louise Haas-Erpelding**



### Eise Programm fir déi nächst 6 Joer:

**Spautz Ren**, Präsident, 57 Joer, Angelsbierg

Mir organiséieren dëst Joer fir d'zweet, zesumme mam Club des Jeunes, Angelsbierg, de „Rock op der Héicht“ zu Schous.

**Becker Doris**, 57 Joer, Fëschbech

Mir treffen eis mat de Kulturkommissiounen vun eisen Nopeschgemengen, Fiels, Hiefenech a Noumer, fir esou zesummen déi eng oder aner Manifestatioun ze organiséieren (Art à l'Ecole, Beaujolais Owend, asw.).

**Haas-Erpelding Marie-Louise**, 62 Joer, Angelsbierg

Mir versichen, e Programm opzestellen, deem sech ewéi e roude Fuedem duerch all déi Joeren zitt.

**Karier Marco**, 46 Joer, Angelsbierg

Zesumme mat der „Commission de l'Intégration“ wëlle mir eis auslännesch Matbierger dozou opmonteren, eis ze weisen wat si esou kachen, nom Motto: Wat kacht mäin Noper?

**Lanckohr Hubert**, 64 Joer, Fëschbech

Mir organiséieren Dagesfahrten op verschidde kulturell Manifestatiounen am Land.

**Pütz-Roth Anne**, 44 Joer, Schous

**Wolff Viviane**, 53 Joer, Schous



# Hobby Säit

Alexandre Vilela do Carmo  
Angelsbiereg



Den Alexandre Vilela do Carmo, genannt Alex, as den 25. Mee 1999 an der Stad op d'Welt komm. Hien ass mat senger Famill am Joer 2007 op Angelsbiereggezunn.

Hien hat schnell Kollegen a Frënn an eiser Gemeng fonnt an esou ass hien och opmierksam op d'Jugendpompjeeë ginn, wat hien nach ewell interesséiert huet.

Hien huet sech beim Kommandant, dem Luss Karier gemellt an deen huet alles an d'Rei gemaach, esou datt den Alex am September 2009 bei d'Jugendpompjeeën aus eiser Gemeng kouw.

Hei huet hie seng éischt Uniform kritt, déi awer nëmme geléint ass, well si gëtt ersat, esou schnell ewéi dee Jugendlechen dorausser erauswiisst. Et gëllt also op d'Uniform opzepassen.

Den Alex huet vu sengem Moniteur den Zäitplang kritt, deen him seet, wéi oft Übung sinn, esou gutt Theorie ewéi och Praktikum.

Et gëtt vill verlaangt, mä wann ee wëll adequat senger Matmënschen an Nout hëllefen, ass dëst onbedéngt néideg. Zweemol am Mount gëtt gebéckst, d'Geschier kenne léieren an domadder ëmgoen, awer och de Spaass kënnt net ze kuerz. Fir kee Jugendlechen ze iwwerfuerderen an d'Kollegialitéit ze stierken, ass et wichteg, den Teamgeescht ze fördern an datt geschitt, andeem een zesumme Mannschaftsspiller organiséiert.





Wat den Alex awer am meeschte begeeschtert, sinn d'Jugendcampen, wou a Staffelen a Gruppe geschafft gëtt. Och sinn hei regelméisseg Virféierunge vun deene grouss Pompjeeën, wou ee sech, wann ee gutt oppasst, esou munchen Trick kann ofkucken.

No zwee Joer Léiergeld bezuelen ass et dann esou wäit, deen éischten Test steet un, genannt de Bronzetest. Hei gëllt et, fachgerecht de Schlauch un d'Lanz unzeschleissen, Hydranten, ob Oberflur oder Unterflur, richteg ze benotzen, Kupplunge vu verschiddene Gréissten un d'Schläich ze bréngen oder och Kniet mat Léngten richteg ze bannen. Hei muss een och beweisen, datt een organisatoresch bei engem Hausbrand sech richteg behëlt, wéi z.B. d'Material aus dem Geforeberäich bréngen.

Nom bestanene Bronzetest verginn erëm zwee Joer bis een zum Sëlwertest zougelooss gëtt, a mat 15 Joer kann een dann de Goldtest maachen. Elo ass een e richteg Pompjee, dee seng Matière kennt. Mat 16 Joer kënn een dann bei déi „grouss“ Pompjeeën a wann een de Goldtest bestanen huet, duerf een och schonns mat op den Asaz, natierlech ausserhalb vum Geforeberäich. Elo huet een dat erreecht, wuerfir ee laang Jore vill geléiert huet.

Den Alex ass mat Läif a Séil Pompjee a freet sech, datt hien sech dozou a jonke Joer entscheet huet, aneren ze hëllefen



23



# Al Bëscher, nei Beem

Sécher ass ville Leit opgefall, datt an der Lescht laanscht ons Stroossen e sëllege Beem gehae gi sinn. Iwwert d'Ursaachen dovun hu mir ons mat onsem Fierschter, dem Här Olivier Molitor ënnerhalen.

Wéi bei deene meeschte Saachen, gëtt et och hei net nëmmen eng Ursaach, mä eng ganz Rëtsch. Do wär fir d'éischt emol d'Tatsaach, datt och dee schéinsten a gréisste Bam net éiweg leeft an een da virun der Fro steet, ob ee waart, bis vum selwen en Aascht oder de ganze Bam fält oder ob een där Saach kontrolléiert nohëlleft, besonnesch wann déi Beem laanscht eng befuere Strooss stinn. Da ginn et och krank Beem, déi zwar vun ënnen nach ganz passabel ausgesinn, awer uewen an der Kroun schonn dier sinn a wou et nëmmen eng Fro vun Zäit ass, bis eppes geschitt.

A wann dann eppes geschitt, gëtt haut jo direkt no dem Verantwortleche gejaut! Dofir fuere mer ebe léiwer nom Prinzip „mieux vaut prévenir que guérir“.

Sou muss de Fierschter z.B. all Joer bestätegen, datt laanscht d'Stroosse keng Beem stinn, déi e Risiko duerstellen. Am anere Fall muss een dofir suergen, datt di entsprechend Beem ewech kommen.

Mee, dat ass awer net alles. Fir datt jonk Beem ënner de beschte Viraussetzunge kënnen wuessen, ginn op sougenannten Natur-Verjüngungen och emol déi al Beem gehaen, ier déi jonk ze grouss sinn an doduercher herno bei Fällaarbechte Schued kënnen kréien. E schéint Beispill dovu gesäit een, wann ee vun der Schmëtt a Richtung Kéideng fiert a wou dës Foto opgeholl gouf.

Natierlech ka beim Haen och emol deen een oder anere Liewensraum verännert ginn. Als Beispill sief do de Streech tëscht Schous a Fëschbech genannt. Duerch di onerwaart Hellegkeet oder Sonnenstrahlung kënnen do verschidde Flechten oder e Moos ausdréchnen. Op där aner Säit sinn doduerch awer elo d'Fielse fräi zougängelech fir all méiglech Zorte Bëschvullen, déi dohi bréie kënnen goen. Wie weess, vläicht huet schonn en Uhu säin Zelt do opgeschloen? An deem Zesummenhang gëtt och ganz bewusst, dat aalt Geäschts leie gelooss, fir och do neie Liewensraum ze schafen.



An da kënnt, wien iwwerrascht et, och nach de reglementareschen Deel derbäi. Zertifizéiert Bëscher mussen no bestëmmte Critère ugeluecht a bewirtschaft ginn (hei solle just d'Ofkierzung PEFC a FSC erwähnt ginn).

Op en etleche Plaze sinn elo z. B. Kiischtebeem geplanz ginn. Zu wat dat gutt ass? Fir d'éischt ginn déi net esou héich wéi Bichen, wat jo da laanscht d'Stroosse vu Virdeel ass. E weidere Virdeel ass, datt domat op d'Verfall geuecht gëtt amplaz déi vill gefaarte „Monokultur“ an domat d'Liewensbedingunge vu Déieren a Planze verbessert ginn. A schliisslech ass dat besonnesch an der Bléi souwuel fir d'mënschlecht A wéi fir d'Déierewelt eng gellech Freed. A well mer Holz jo och wirtschaftlech notzen a mer un di nächst Generatiounen denken, dann ass gewosst datt Kiischenholz ganz héichwäerteg ass.

Dofir kuckt emol gutt wann der di nächste Kéiere laanscht di Plaze kommt, wéi sech d'Natur weiderentwéckelt huet.





# Jugenddiskussionsowend

**D**e Schaffen- a Gemengerot vun der Gemeng Fëschbech hat den Owend vum 13. Juni 2012, all Jugendlechen tëscht 12 a 25 Joer aus der Gemeng op en Jugenddiskussionsowend an d'Veräinshaus op der Héicht invitéiert.

24 jonk Leit sinn dëser Invitatioun nokomm, fir neits gewuer ze ginn, respektiv hir Froen virzebréngen. D'Versammlung wor vun 18.30- 20.30 Auer, esou dass déi Jonk op den ëffentlechen Transport konnten zrëckgräifen.

No enger ganz kuerzer Intro zur Versammlung duerch d'Madame Buergermeeschter Marianne Brosius-Kolber ass et och direkt lassgaange mat de Froen vun de Jugendlechen. Virwat fuere sonndes keng Busser bei eis? Bleift eise Sportterrain bei der Schoul zu Angelsbierg bestoen? Wat ass mat der Vëlospiste zu Fëschbech? Wéi steet et mat deem grouse Lotissement zu Angelsbierg? Wei ass et mat der Fusioun? Wei steet et ëm d'Parkplaze ronderëm d'Schoul zu Angelsbierg? Virwat leie Steng zu Schous virun der Molkerei? Zu Angelsbierg reent et an d'Bushaischen! an an an... Dertëscht ginn awer och nach schnell déi aktuell Fussballsresultater getosch. Eis Gemeengeverantwortlech sinn net geschount ginn, mä si konnten awer och Äntwerten op d'Froen ginn. Et gëtt dru geduecht, fir iergendwann e Multisportterrain zu Angelsbierg opzeriichten. Bei der Vëlospiste gëtt nach op eng Impaktstudie gewaart. Den zousätzlechen ëffentlechen Transport gëtt vun der Gemeng ënnerstëtzt, läit awer an den Hänn vum Transportministère. ...

Mee och aktuell Infoen iwwert hir Projeten, ewéi déi nei Quell, den Internetsite an d'Schwämm, huet d'Gemeng weiderginn. En Opruff gëtt gemeet, dass déi Jonk sech solle beim Ren Spautz mellen a mat um Gemeengebuert schaffen, esou dass dës fir si méi interessant gëtt. D'Idee ass opkomm, aktuell Infoen iwwer Facebook weiderzeginn, well dës eng Plattform ass, wou déi Jonk sech méi drop auskennen. Jee, eng helle Wull ass diskutéiert ginn.

Als Ofschluss huet d'Gemeng e Patt am Hall vum Veräinshaus offrëiert. Fazit, niewent de Biergerinformatiounsowender sollen esou Jugendinformatiouns- an Diskussionsowender bäibehale ginn.

25



Fëschber Gemeinde

# Feierfest 2012

**E**t wor bal ewéi d'lescht Joer, op mannst wat d'Wieder ugeet. Niewent dem leckere Rollbrot konnten d'Gäschte vum zweete Feierfest op der Héicht, sech bei engem Préventiounsstand vun der Police iwwert Drogen an Alkohol informéieren. E Rauchmelder brauch all Haus, genee wéi e Feierlëscher, dofir konnt een sech op der Plaz Explikatiounen zu dem Thema gi loossen an och déi jeeweileg Apparater kafen.

E gemittleche Pâtche beim Comptoir konnt een a Rou genéissen, well d'Kanner am Bastelatelier oder um Sprangschlass beschäftegt waren. Um 15.30 Auer huet den Zenter Jonglënster eng Demonstratioun virun der Dir gewisen. Duerno ass och direkt opgeléist ginn, wéivill Meter Seel an eisem Glasbottech waren, fir de Gewënner vun eiser Tombola ze bestëmmen.

Ewéi ëmmer wor erëm eng super Stëmmung zu Schous op der Héicht am Veräinshaus.





# Nationalfeierdag

**D'Feier vum  
22. Juni 2012**



De Guy Damgé vum Angelsbiërg huet fir 30 Joer am Fräiwëllegendéngscht bei de Pompjeeën aus den Hänn vum der Buergermeeschtesch, dem Marianne Brosius-Kolber, eng Medaille iwwerrecht kritt.



27



Als 1000. Bierger vum eiser Gemeng ass de Parwiz Falano-Kroeblin vu Schous geëiert ginn. Seng Mamm huet eng wonnerschéi Corbeille vum der Buergermeeschtesch iwwerrecht kritt.



Fëschber Gemeinde





# ROCK OP DER







# R HÉICHT 2012



## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 11 mai 2012

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit, Spautz.

1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 24 mai 2012 (à l'unanimité).

2) Est proposé à Mme le Ministre de l'Education nationale de réaffecter Madame Lucie PETER, née le 21/02/1982 et demeurant à 59, rue Belle Vue à L-7516 Rollingen au poste vacant d'instituteur C2-4 dans l'enseignement fondamental de la commune de Fischbach à partir de l'année scolaire 2012/2013 (à la majorité des voix).

3) Est approuvé l'état des restants à recouvrir de l'exercice 2011 au montant total de 15.312,78 EUR (à l'unanimité).

4) Est décidé :

a) De participer au réseau régional d'eau potable en favorisant toutefois une version « light » du projet présenté par Daedalus en 2008 tout en distribuant de l'eau potable à la commune de Larochette et vice-versa. Les communes de Heffingen et Nommern pourront le cas échéant se raccorder par le biais de la Commune de Larochette (à l'unanimité).

b) De participer au réseau sous forme de convention. Les communes de Fischbach et Larochette négocieront une convention pour la partie du réseau les concernant (à l'unanimité).

5) Est annulée la délibération no 12 du 17 avril 2012 relative à l'aménagement d'un système modulaire derrière le bâtiment de l'école (à l'unanimité).

6) Divers.

30

## SCHUKABU

D'Redaktiounsteam félicitéiert de Verantwortlechen vum Angsber Schoulkannerbuch.  
Eng flott Erënnerung fir all Schüler, Elteren an Enseignanten.



Fëschber Gemeindeblatt



# Floriade Venlo

**D**en 30. Juni 2012 huet eis Chorale vu Fëschbech zesumme mam Gaart an Heem Gemeng Fëschbech hiren traditionellen Ausfluch gemaach an zwar op Venlo an Holland. Hei ass all zéng Joer déi gréisste Gaardebau-Ausstellung vun Europa.

De Floriade-Park ass 66 ha grouss, Gäert a Pavillonen aus aller Welt sinn hei ze bewonneren. Bei fantasteschem Wieder hu mir eis dësen "Theater der Natur" ugekuckt. All Themeberäich stellt eng aner Welt duer an huet säin eegene Flair. Mat der Gondel hate mir dann nach en immense Bléck iwwer dësen Terrain.

Wien net derbäi war, huet wierklech eppes verpasst, awer an 10 Joer ass et erëm souwäit. Owes hate mir nach en Nuechtiessen zu St. Vith a si mat Begeeschterung heemgefuer.



31



Fëschber Gemeinde

# Schoulfest am Reen!

**D**e Péitrus ass och alt net méi wat en emol war! Am Juli kënnt ee jo mengen, datt d'Wieder sollt gutt sinn. Abee, d'Editioun 2012 vum Schoulfest ass dëst Joer bei schloem Reen iwwert d'Bühn gaang an d'Spiller, déi d'Léierpersonal sech ausgeduecht haten, hu wuel oder iwwel net konnten dobaussen gemaach ginn, mee an der Schoul. Et hätt sollen e „Märche-Rallye“ sinn, mee de Rallye ass dunne ebe flaach gefall an et sinn Ateliere ginn vum Äschepiddelchen bis bei Zauberer an Zwergen.



No dem groussen Erfolleg vum leschte Joer waren och dës Kéier nees Gruppe queesch duerch all Joergäng zesummege-  
stallt ginn, sou datt grouss a kleng och emol d'Gelee-  
ënheet hat, fir sech (erëm) kennen ze léieren!  
Och fir d'Léierpersonal war et eng wëllkomme  
Geleeënheet, hir zukünfteg Schüler ken-  
nen ze léieren oder hir vergaange Schüler nees  
erëmzegesinn.

De Programm gong bis um 4 Auer a war just ënnerbrach vum Mëttegiessen, wou d'Elterevereenegung di tradi-  
tionnel Spaghettien offréiert huet.







Em halwer sechs war dunn de Startschoss fir d'Talentshow, wou d'Kanner konnte weisen, wat se kënnen. Di eng hu gedantzt, di aner hu gesongen, di eng eleng, di aner am Groupe an den DJ Roadrunner aka Christian Molitor vun Aangelsbiereg huet all Hänn voll ze di gehat, fir där Saach Meeschter ze ginn. Duerch de Programm huet de Kay Brix gefouert.

33





Och an der Paus war Programm virgesinn: d'Schüler vum 6. Schouljoer, hautzudaags als Cycle 4.2 bekannt, kruten e Cadeau, deen se di nächste Joren am Lycée un hir Angsber Schoul erënnert.



An et gouf eng Stee: dat präisgekréinte, selwer gebastelt Museksinstrument vum Cycle 1 (kuckt dozou och den Artikel iwwert den 175. Gebuertsdag vun der Fielser Musek) koom ënnert den Hummer an ass fir 104 € iwwergaang.



Ganz zum Schluss huet de Jean-Marie Pütz als President vun der Elterevereenegung dem Edmond Haas als President vum Schoulcomité e Scheck vu 500 € iwwerreecht, fir datt di nei Brochure fir d'Elteren, déi am Hierscht erauskënnt, keen ze grousst Lach an de Budget vun der Schoul mécht.





## 10 Joer Danzgrupp vum Senioreveräin Gemeng Fëschbech

**D**en 10. Anniversaire vun engem klengen Veräin muss net mat grousssem Pomp gefeiert ginn. Mee all Erënnerung huet hiren eegene Wäert. Folkloristesche Dänz, wéi mir se am Kader vun eise Veräinsaktivitéiten zelebréieren, erhieft d'Häerz an d'Gemitt a stabiliséiert d'Gesondheet. Et ass schéin, datt esou eng flott Grupp vun Dammen sech no enger gewësser Zäitspan iwwert hir Tätigkeete besënnt, déi an deene vergaangene Joren developpéiert goufen. Esou kritt eng Veräinsaktivitéit ëmmer erëm neien Opdriff an dat sollt esou weiderbestoen, fir mat Freed a Begeeschterung an dat zweet Joerzéngt eranzugeen.

Net laang no der Ouverture vun der neier Sportshal um „Birkelt“, (Fischbach-Larochette-Nommern) kuerz als FILANO bezeechent, huet de Virstand vun der deemoleger AMIPERAS-Sektioun vun der Gemeng Fëschbech de Membere virgeschloen, Coursen vu Seniorendänz ze besichen. Et haten sech doropshin eng ganz Rei vun Damme gemellt an et deet bis haut kenger leed, derbäi ze sinn ! Et huet sech jiddefalls eng flott an dynamesch Grupp vu begeeschterten Damme forméiert, déi ënnert der kompetenter Leedung vun der Madame Josette Buschmann vu Jonglënster, eiser Monitrice, steet.

Mat dem estiméierten Accord vum FILANO-Syndikat gong et dunn dënschdes, den 21. September 2001 definitiv lass a vun do un, gëtt all Woch an der Sportshal op Birkelt gedantz.

An der Präsenz vun der Presidentin vum Senioreveräin, Marie-Louise Haas, gouf den Ofschloss vum éischten Dezennium ë.a. mat engem räichgeféllten Teller gefeiert. Dës Gebuertsdaysfeier wäert eis a beschter Erënnerung bleiwen.



## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 17 juillet 2012

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit, Spautz.

1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 11 juin 2012 (à l'unanimité).

2) Est approuvée l'organisation scolaire pour l'année scolaire 2012/2013 à 4 voix contre 3 (Daems, Haas-Erpelding, Spautz).

3) M. Serge Hoffmann, fonctionnaire-artisan auprès de la commune est désigné comme travailleur désigné conformément au règlement grand-ducal du 9 juin 2006 déterminant le nombre suffisant des travailleurs désignés ; catégorisant les entreprises dans lesquelles l'employeur peut assumer lui-même la fonction de travailleur désigné ; relatif à la formation des travailleurs désignés.

4) Est décidé :

A) d'approuver à 4 voix contre trois (Daems, Spautz, Trausch) le plan modifié relatif à l'aménagement de la place de l'église à Angelsberg

B) d'approuver le devis supplémentaire au montant de 85.000,00 EUR ttc concernant l'aménagement de la place et de voter un crédit supplémentaire au montant de 85.000 EUR à imputer à l'article budgétaire 4/1212/2133/002 du budget extraordinaire de l'exercice 2012 (à l'unanimité).

5) Est décidé (à l'unanimité) d'acquérir et de distribuer à tous les détenteurs de chiens une pochette avec sachets pour crotte afin de les sensibiliser à respecter l'environnement et la salubrité de la voirie publique (trottoirs, revers, places publics, aires de jeux).

6) Est décidé de respecter la législation en vigueur ainsi que les redevances eau de la commune de Fischbach approuvées par l'autorité supérieure et de facturer de ce fait tous les compteurs d'eau agricole installés dans les parcs à bétail (à l'unanimité).

7) Approbation des décomptes de travaux extraordinaires (à l'unanimité) :

- Réseau d'eau potable – Dossier technique 2<sup>e</sup> partie, dépense 7.680,98 EUR ttc
- Extension de la conduite d'eau de Koedange à Weyer, dépense 169.173,24 EUR ttc
- Aménagement des alentours derrière le « Veräinshaus » à Schoos, dépense 35.062,57 EUR ttc
- Installation de feux tricolore sur le carrefour à Angelsberg, dépense 17.740,25 EUR ttc
- Renouvellement partiel de la conduite d'eau potable dans le CR125, traversée de Fischbach dépense 66.205,54 EUR ttc
- Aménagement de l'aire de jeux « place de l'église » à Angelsberg, dépense 67.465,04 EUR ttc
- Réaménagement du CR120 « rue Beringerberg » à Angelsberg dépense 302.993,10 EUR ttc
- Réaménagement du CR120 « rue de Rollingen » à Schoos, dépense 359.372,84 EUR ttc

8) Divers (signatures).





**D**uerch meng Mataarbecht am Comité vun der ASBL "Rencontres musicales de la Vallée de l'Alzette" hunn ech d'Madame Josée Altmann-Thomas kennegeléiert.

Si ass eng ganz interessant an engagéiert Fra a war mam Kënschtler Tom Altmann bestuet, deen viru Joren duerch en tragescht Ongléck ëm d'Liewe kouw.

Aus sengem kënschtlersche Schafe sinn hir vill ausdrucksstaark Skulpturen bliwwen.

D'Madame Altmann huet mir, fir d'Gemeng Fëschbech "Les Droits de l'homme" geschenkt.

Di Skulptur sollt op enger Plaz opgestallt ginn, wou méiglechst vill Leit se kënne bewonneren a mir mengen, am Gemengesetz zu Fëschbech déi adequat Bleif fonnt ze hunn.

Den Här Altmann huet dat Konschtwierk 1983 aus enger Putter vum Harel'ër Kierchtuerm, deen am 2. Weltkrich zerstéiert gouf, realiséiert.

Mir soen der Madame Josée Altmann-Thomas VILLMOOLS MERCI fir hir Generositét.

Hei eng kleng Biografie vum Kënschtler Tom Altmann:

*Tom Altmann, no kuerzem molereschem Ufank, huet hien seng kënstleresch Passioun 1976 weider entwéckelt*

*Als geléierte Modell- a Schräinermeeschter war hie mat de Strukturen an Aarbechtstechnike vum Holz beschtens vertraut. Hien huet eng Rei vu Konschtwierker geschaaft, déi gläich schonn am Ufank, un e präzise Gedanke gebonne waren.*

*Esou ass d'Skulptur „Droits des homme“ eng vun deene Skulpturen, wou hie probéiert huet, a sengem Wierk seng Gefiller a Visiounen auszudrécken an z'interpretéieren.*

*Bei all senge Wierker ass de Betruechter verféiert, dës Konschtwierker unzepaken. De Betruechter wëllt dës Wierker gräifen a begräifen. Duerch eng Begabung, fir ëmmer dat richtegt Holz ze wielen, huet de Kënschtler et ëmmer erëm fäerdeg bruecht seng Figuren mat scharfer Genauegkeet ze gestalten.*

*Vum Februar 1984 bis 1992 hat hie verschidden Ausstellungen zu Lëtzebuerg, an och am Ausland. E puer vun senge Wierker ware bis 2010 an enger Galerie zu Lëtzebuerg ze bewonneren.*

vum Marianne Brosius-Kolber

# SKULPTUR TOM ALTMANN





# Rallye régional à vélo, à pied Inline skate

dimanche, 16 septembre 2012

« Spaass + Spill fir d'ganz Famill »



## Sponsors:



et les 13 communes dans le cadre de la Semaine de la Mobilité

## Conditions de participation

Le Code de la Route est à respecter consciencieusement. La participation se fait aux risques et périls des participants. L'assurance contre les accidents et l'assurance responsabilité civile sont à charge des participants.

Le port du casque est vivement recommandé. Par son inscription chaque participant accepte les présentes conditions.

## Teilnahmebedingungen

Die Straßenverkehrsordnung ist strikt einzuhalten. Die Teilnahme erfolgt auf eigene Gefahr. Unfallversicherung und Haftpflichtversicherung sind zu Lasten des einzelnen Teilnehmers.

Das Tragen eines Sturzhelms wird wärmstens empfohlen. Durch seine Anmeldung erkennt jeder Teilnehmer die vorliegenden Teilnahmebedingungen an.

La route CR 123 (Mullendorf - Hunsdorf - Gosseldange - Mersch)  
sera réservée entre 10h00 et 18h00 aux cyclistes et piétons.

## Equipes:

2-6 participants de tout âge

## Départ:

entre 11:00 et 15:00 heures

## Fermeture des postes

16:30 heures

## Modalités:

Départ possible à tout poste de contrôle  
Passage obligatoire à 3 postes au minimum  
Jeux et questionnaires aux postes de contrôle  
Prix de récompense aux meilleures équipes

Petite restauration en route

Possibilité de faire une partie du trajet en train avec le vélo.  
[www.mobiliteit.lu](http://www.mobiliteit.lu)

## Remise des prix: 21/09/2012 à 19h00 à Lorentzweiler

1<sup>er</sup> prix: Bon d'achat de 500 €

à échanger chez un de nos sponsors

2<sup>e</sup> prix: TGV aller-retour

Luxembourg - Paris pour 2 personnes

**prix spécial: tirage au sort**

parmi tous ceux qui ont réalisé

le circuit complet entre Bissen et Walferdange



## DIFFÉRENTS POINTS DE DÉPART

	<b>BISSEN</b> „Am Frouner“ Jugendhaus PC 12 Boissons, «fréshet Lebst»
	<b>COLMAR-BERG</b> Raschplatz bei der Uelzechtbrück Boissons
	<b>NOMMERN</b> Cruchten Pavillon Piste cyclable PC 15 Boissons
	<b>MERSCH</b> PC 15 à Pettingen Grillades, Boissons  Parc communal Grillades, Boissons, Animations
	<b>LUTGEN</b> CR 123 Ancienne école à Gosseldange «Grillwurscht, Mettwurscht» Gaufres, Boissons Animations
	<b>LORENTZWEILER</b> PC 15 à Helmdange - Parking Nei Aarbecht Grillades, Pastèque, Boissons «Quetschele»
	<b>STEINSEL</b> PC 15 à Steinsel Aire de jeux, Lotissement Aalwiss, Boissons (produits de la commune)
	<b>WALFERDANGE</b> Centre sportif à Walferdange Boissons
	<b>FISCHBACH</b>
	<b>HETTINGEN</b>
	<b>LARCHETTE</b>

## NAVETTE RETOUR VERS

	<b>NOMMERN</b>		<b>COLMAR-BERG</b>		<b>BISSEN</b>		<b>BOISWANGE</b>		<b>TUNTANGE</b>
--	----------------	--	--------------------	--	---------------	--	------------------	--	-----------------

Départ Mersch: 16h00 et 17h30 Arrêt bus «Méchelsplatz»

## POINTS DE DÉPART ET DE CONTRÔLE:



## INFORMATIONS:

Rallye: Chemin Repris 123, Pistes Cyclables 12 et 15  
La route CR 123  
(Mullendorf - Hunsdorf - Gosseldange - Mersch)  
sera réservée entre 10h00 et 18h00  
aux cyclistes et piétons.



# 5<sup>e</sup> Randonnée du Centre 16 septembre 2012

organisée par 13 communes

Bissen



Boevange



Colmar-Berg



Fischbach



Heffingen



Départ / Arrivée  
à MERSCH (Parc)

Le signal de départ pour la  
randonnée en groupe sera donné à 9h00  
par M. Jempy Schmitz (ancien cycliste prof.)



Remise des prix: 21/09/2012  
à 19h00 à Lorentzweiler  
1<sup>er</sup> prix: TGV aller-retour  
Luxembourg - Paris pour 2 personnes  
2<sup>e</sup> - 10<sup>e</sup> prix: Okapass

Larochette



Lintgen



Lorentzweiler



Walferdange



Tuntange



Steinsel



Nommern



Mersch



Trajet/Strecke A: 78.5 km – B: 41.2 km

• Départ Arrivée / Start Ziel

Parc de Mersch

Parking Schlaspesch



Vestiaires Douches / Umkleieräume Duschen

Sous-sol du "Kulturhaus" (parking Dexia BIL)

Ravitaillement et Poste de contrôle  
Verpflegung und Kontrolle

Cruchten 34 km, Fischbach 51 km

Tirage au sort parmi les participants – beaux prix  
Auslosung von interessanten Preisen unter den Teilnehmern

Départ / Start

entre 8.00 et 10.00 heures Parc de Mersch

Un départ groupé partira à 9.00 heures

## Conditions de participation

Le Code de la Route est à respecter scrupuleusement. La participation se fait aux risques et périls du randonneur. L'assurance contre les accidents et l'assurance de responsabilité civile sont à la charge du participant. Il ne s'agit pas d'une compétition et il ne sera établi aucun classement. Les voitures suiveuses ne sont tolérées que dans la mesure où elles ne gênent ni les participants ni la circulation.

Le port du casque est vivement recommandé. Par son inscription chaque participant(e) accepte les présentes conditions.

## Teilnahmebedingungen

Die Straßenverkehrsordnung ist strikt einzuhalten. Die Teilnahme erfolgt auf eigene Gefahr, Unfallversicherung und Haftpflichtversicherung sind zu Lasten des einzelnen Teilnehmers. Es handelt sich nicht um einen Wettbewerb, auch wird keine Klassierung erstellt werden. Begleitwagen sind weder verboten noch erwünscht. Das Tragen eines Sturzhelms wird wärmstens empfohlen. Durch seine Anmeldung erkennt jeder Teilnehmer die vorliegenden Teilnahmebedingungen an.

© Commune de Mersch - faber



## Parcours 2012 – Streckenführung 2012



## 5<sup>e</sup> Randonnée du Centre – Date: 16.09.2012

### Trajet / Strecke A: 78.5 Km

Départ	Mersch	Parc	46,8	Heffingen	CR128
2,1 km	Reckange	CR105	47,5	Supp	CR128
9,1	Hollenfels	CR113	51,8	Fischbach	CR125
12,3	Tuntange	CR113		Pankenhoff	CR125/CR101
15,7	Brouch	CR112	58,2	Blaschette	CR125
17,2	Boschdorf	CR112	60,8	Lorentzweiler	CR122
20,0	Boevange/Altort	CR112		Bofferdange	N7
25,4	Bissen	N22	65,8	Walferdange	N7
29,5	Colmar-Berg	N22			CR123
34,0	Cruchten	CR123	68,6	Steinsel	Rue Basse
		CR115			Place de l'Eglise
38,4	Schrandweiler	CR115	69,2	Mullendorf	Rue Paul Eyschen
		CR119			CR124/CR123
42,9	Larochette	CR119	71,4	Hunsdorf	CR123
		CR118	74,1	Prettingen	CR123
		N34	75,4	Gosseldange	CR101
		CR118 (Dirac, Christnach)	78,0	Mersch	CR123/CR102
		Chemin vicinal	78,5	Arrivée	Parc de Mersch

### Trajet / Strecke B: 41.2 Km

Départ	Mersch	Parc	34,0	Cruchten	CR123
2,1 km	Reckange	CR105		Essingen	CR123
9,1	Hollenfels	CR113		Moerdorf	CR123
12,3	Tuntange	CR113		Beringen	CR123
15,7	Brouch	CR112			CR183
17,2	Boschdorf	CR112		Mersch	CR183
20,0	Boevange/Altort	CR112			N7
25,4	Bissen	N22			CR102
29,5	Colmar-Berg	N22	41,2 km	Arrivée	Parc de Mersch





**Regional Initiativ Mëllerdall-RIM asbl.**  
**30, route de Wasserbillig**  
**L-6490 Echternach**  
**Computerkurse - Workshop 2012-2013**

Computerkurse	Ort	Tag	Beginn	Uhrzeit
<b>Excel 1</b> Tabellenkalkulation für Anfänger (8x2 St = 100€)	<b>Beaufort</b>	<b>Mo</b>	<b>01.10 – 26.11.2012</b>	<b>19:30-21:30</b>
<b>Excel 1 en portugais</b> tableur pour débutants (8x2 hrs = 100€)	<b>Echternach</b>	<b>Mer</b>	<b>26.09 – 21.11.2012</b>	<b>20:00-22:00</b>
<b>Internet für Senioren</b> Tipps und Tricks, Mailbox, in aller Welt kommunizieren (8x2 St = 100€)	<b>Rosport</b>	<b>Di</b>	<b>02.10 – 27.11.2012</b>	<b>14:00-16:00</b>
<b>Introduction PC 1 en portugais</b> connaissances de base avec le PC (8x2 hrs = 100€)	<b>Beaufort</b>	<b>Lu</b>	<b>01.10 – 26.11.2012</b>	<b>19:30-21:30</b>
<b>Foto-Alben &amp; Retusche</b> Fotos: bearbeiten, Alben auf dem PC zusammensetzen 3x2 St= 50€	<b>Berdorf</b>	<b>Mo</b>	<b>12.11 – 26.11.2012</b>	<b>14:00-16:00</b>
<b>Powerpoint Vorträge, Präsentationen, Statistiken lebendiger gestalten</b> (3x2 St = 50€)	<b>Consdorf</b>	<b>Di</b>	<b>09.10 – 23.10.2012</b>	<b>14:00-16:00</b>
<b>Publisher Produktpräsentationen, Druckpublikationen, Grusskarten, Einladungen</b> (3x2 St = 50€)	<b>Rosport</b>	<b>Do</b>	<b>29.11 – 13.12.2012</b>	<b>14:00-16:00</b>
<b>Word 1 en portugais</b> traitement de texte pour débutants (8x2 hrs = 100€)	<b>Echternach</b>	<b>Ma</b>	<b>02.10 – 27.11.2012</b>	<b>20:00-22:00</b>
<b>Word 1</b> Textverarbeitung Anfänger (8x2 St = 100€)	<b>Consdorf</b>	<b>Do</b>	<b>27.09 – 22.11.2012</b>	<b>19:30-21:30</b>
<b>Computer Workshop: 1 x 3 Stunden</b> <b>30 Euro</b>	<b>Ort</b>	<b>Tag</b>	<b>Beginn</b>	<b>Uhrzeit</b>
<b>Serienbriefe, Visitenkarten mit Word u. Etiketten erstellen</b>	<b>Rosport</b>	<b>Do</b>	<b>18.10.2012</b>	<b>14:00-17:00</b>
<b>Was gibt es alles im Internet:</b> einkaufen, e-banking, ebay, amazon nach Herzenslust googeln	<b>Berdorf</b>	<b>Mi</b>	<b>14.11.2012</b>	<b>14:00-17:00</b>

Einschreibung / Inscription Denise Mischel

RIM asbl. / Bureau LEADER Echternach 30, route de Wasserbillig L-6490 Echternach

☎ 26 72 16 31 / 621 54 31 56 - 09:00-12:00 hrs - Fax: 26 72 16 32 Email: [info@rim.lu](mailto:info@rim.lu) [www.mu.leader.lu](http://www.mu.leader.lu)

Überweisung/Virement: Regional Initiativ Mëllerdall - RIM asbl. CCPL IBAN LU22 1111 2401 9826 0000

Die Kurse finden nur bei Erfüllung der Mindestteilnehmerzahl statt. Les cours peuvent avoir lieu avec une nombre suffisant d'inscriptions.



Fëschber Gemeindeblat